Piraten – Sektioun Péiteng
BP 83 Bereldange
L-7201 Bereldange

Comité de Direction
Banque et Caisse d'Epargne de l'Etat
1 Place de Metz
1930 Luxembourg

Lëtzebuerg, den 14te Februar 2020

**Betreff: Reaktioun op d'Schléissung vun der Agence zu Rodange**

Déi Dammen an Häre vum Direktiounscomité,

d'Spuerkeess hat an de Medie kommunizéiert dëst Joer wëllen 11 Agencen uechtert d'Land zouzemaachen. Mir hu mat Iwwerraschung festgestallt, dass ënnert dësen Agencen och d'Rodanger Agence betraff ass. Dës soll an Zukunft mat der Agence zu Péiteng zesummegeluecht ginn.

Onbeuecht dovunner, dass mir de Schléissunge vun den 11 Agencë skeptesch géigeniwwer stinn, esou deet et eis als Sektioun Péiteng immens wéi, dass grad d'Agence zu Rodange hier Diere fir ëmmer zou wäert maachen an domadder no der CFL ee weidere wichtege Dréi- an Aangelpunkt vun engem Service public zu Rodange seng Dieren zou mécht.

Wéi den Artikel 5 vum Gesetz vum 24te Mäerz 1989 iwwert Spuerkeess et fixéiert, soll d'Spuerkeess duerch seng Aktivitéiten zur wirtschaftlecher a sozialer Entwécklung zu Lëtzebuerg bäidroen. D'Spuerkeess ass zënter Joren een träie Partner vu ville Gemengen, dorënner och der Gemeng Péiteng.

An dem Zesummenhang ass d'Entscheedung, d'Agence zu Rodange ewechzezéien eng traureg Nouvelle fir d'Lokalitéit, well domadder dem Duerf ee wichtege Partner verluer geet.

Mir wéilten als Sektioun bieden, dës Decisioun nach eng Kéier ze iwwerdenken, ob zu Rodange wierklech keng Méiglechkeet besteet, d'Agence an iergendenger Form z'erhalen.

Piraten – Sektioun Péiteng
BP 83 Bereldange
L-7201 Bereldange

Mir Pirate sinn eis bewosst, dass mat der fortschreitender Digitaliséierung vu Prestatioune vill Servicer a Prestatiounen duerch d'Technik wäerten ersat ginn. Allerdéngs froe mir eis, ob net grad d'Spuerkeess als staatlech Instanz an och ugesiichts senge gesetzlech virgesinne Missiounen dem Land ze déngen huet.

Mir fäerten, dass den Zuch fir vill Leit ze schnell wäert goen, virun allem déi Mënschen, déi net affin mat den neien Applikatiounen, wéi dem Web-Banking, sinn. Des Weideren existéieren och vill Mënsche mat enger Beanträchtegung, déi ëmmer nach de Support vun enger Persoun brauchen, fir hir Bankgeschäfter ofzewéckelen. An dem Kontext wéilte mir froen, wat d'Spuerkeess konkret maache wäert, fir deene Kategorie vu Mënsche entgéint ze kommen, wann dës net méi op eng Agence goe kënnen?

Dat geschriwwen, géife mir Iech bieden, d'Agence zu Rodange net zouzemaachen. Engersäits aus den uewe genannte Grënn. Anerersäits och, well Rodange an de nächste Joren sech wäert weiderentwéckelen. Rodange ass een Duerf, wat an de leschte Jore konstant un Awunner bäigewonnen huet. Den Duerfkär gouf viru Kuerzem nei renovéiert an och d'Rodanger Gare soll an de nächste Joren ausgebaut ginn. Et wär flott, wann d'Agence vun der Spuerkeess d'Entwécklung vu Rodange och an den nächste Joren nach mat begleede kann.

Mir bieden Iech, Déi Dammen an Hären, eis héchst respektvoll Gréiss unzehuelen.

*Fir de Comité vun der Piratepartei – Sektioun Péiteng*

| | |
|---|---|
| Marc Goergen | Christian Welter |
| Gemengeconseiller Députéierten | Gemengeconseiller |

www.piraten.lu